

N°6001

Reçue le 30.03.2022

Déclarée recevable

Président de la Chambre des Députés

(s.) Fernand Etgen

Luxembourg, 30.03.2022



Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.	8
Référence: 230123	
31 MARS 2022	
A traiter par:	
Copie à:	

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Ee groussen Deel vun eiser Gesellschaft erniert sech bal all Dag vu Fleeschprodukter. Dës setzt viraus, dass fir d'Fleesch fir d'Konsumenten hierzustellen massenhaft Déieren mussen ëmbruecht ginn. A villen Dokumentarfilmer, Reportagen an Zeitungsartikelen ass schonn iwwert dës Masseproduktioun beriicht ginn, déi op Déierentransporter, Schluechthaiser a vill Déiereleed baséiert. Des Weideren ass d'Fleeschproduktioun immens ressourcenintensiv a verursaacht vill Offallprodukter an eiser Loft (CO2), am Buedem oder am Waasser.

Fir vun der Masseproduktioun a senge Konsequenzen ewechzekommen, muss dee ganz System ëmgekrepelt ginn: d'Déierenzucht an d'Fleeschhierstellung kënnen méi nohalteg ginn.

Et existéiere schonns Alternativen zur Massendéierenzucht. Esou hale verschidde Leit a kleng Gesellschaften hei am Land hier Déieren op fräier Fläch dobaussen. Dës Form vun Haltung eegent sech souwuel fir Déierefrënn, mee och fir Produzente vun héchster Qualitéit vu Fleesch. Grad bei Schwéngfleesch, wou d'Bauern ënnert héijem Präisdrock schaffe mussen, stellt d'Haltung vu Schwäin um Fräiland eng respektvoll Alternativ zum Masseproduktioun duer.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Betriber a Privatpersounen halen hier Schwäin zu Lëtzebuerg an der Fräilandhaltung?
2. Wéi ass d'Haltung vu Schwäin am Fräiland zu Lëtzebuerg gesetzlech gereegelt?
3. Wéi eng Geneemegunge sinn erfuerderlech, fir Schwäin am Fräiland dierfen ze halen a wien stellt déi Geneemegungen aus?
4. Wéi steet de Landwirtschaftsminister zu der Promotioun vun der Fräilandhaltung vu Schwäin?



www.piraten.lu

Wéi eng Aktioun vum Ministère promouvéieren d'Fräilandhaltung?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name 'GOERGEN Marc'.

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6001 vu dem éierbaren Deputéieren Marc Goergen

1. Wéi vill Betriber a Privatpersounen halen hier Schwäin zu Lëtzebuerg an der Fräilandhaltung?

Hei zu Lëtzebuerg hunn mir 7 professionell Schwéngshalter an 10 Hobby-Schwéngshalter, déi Schwäin an der Fräilandhaltung hunn.

2. Wéi ass d'Haltung vu Schwäin um Fräiland zu Lëtzebuerg gesetzlech gereegelt?

Fir Fräilandhaltung vu Schwäi muss eng Geneemegung beim Direkter vun der Veterinärsinspektioun ugefrot ginn.

3. Wéi eng Geneemegunge sinn erfuerderlech, fir Schwäin um Fräiland dierfen ze halen, a wien stellt déi Geneemegungen aus?

Folgend Konditioune sinn ze erfëllen:

- Parzelle mussen eng duebel Clôture hunn, fir all Kontakt mat de Wëllschwäin ze vermeiden, d'Fudder muss esou gelagert sinn, dass keng Wëllschwäin drukommen, an et muss een Ënnerstand zur Verfügung stoen.
- All Betrib muss d'Méiglechkeet hunn, seng Schwäin am Fall vum Ausbroch vun enger Seuch an een zouene Stall ze huelen.
- All Ausgäng si sou ze sécheren, dass keng friem Persounen Zougang hunn.

4. Wéi steet de Landwirtschaftsminister zu der Promotioun vun der Fräilandhaltung vu Schwäin?

Prinzipiell ass de Landwirtschaftsminister averstane mat der Fräilandhaltung vu Schwäin ënnert der Bedingung, dass souwuel d'Konditioune vun der Déieregesondheet wéi och déi vum Deiereschutz respektéiert sinn.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,
(s.) Claude HAAGEN